




EEN DAG AM LIEWE VUM PEGGY A PATCH

D'PEGGY ASS BLANN. DE PATCH ASS SÄI BLANNEFÉIERHOND.
E COMIC ERAUSGI VUN "CHIENS GUIDES D'AVEUGLES AU LUXEMBOURG"


D'PEGGY SCHLÉIFT NACH. SÄI WECKER
SCHWÄTZT A MÉCHT HATT WAKEREG.



GUDDE
MOIEN, ET ASS
6 AUER..



DE PATCH SCHLÉIFT
NACH AN DER KICHEN.



ET KÉNTT
EEN.



GUDDE
MOIEN PATCH.



HUES DU GUTT
GESCHLOF ?




FUDDER ?



FIR D'ÉISCHT KÉNTT DEN HALSBAND UN D'REI.



AN ELO
D'FUDDER ?



DE WEE OP D'AARBECHT GEET LASS.



FIR D'EISCHT
MUSSE MIR
D'FÉIERGESTELL
UNDOEN.



DAT ASS MENG
AARBECHTSUNIFORM.



BEI
ENGER TRAPP
MUSS ECH STOE
BLEIWEN.




SICH
D'BREIFKESCHT!



GUTT
GEMAACH.










WANN EE BLANN ASS, KANN EEN
DE FAHRPLAN NET LIESEN.



DUERCH
D'GETRÉPPELS VUN DE
LEIT WEESS ECH, WOU
D'TRAP ASS.



NEES SCHIERMER DÉI DEM
PEGGY NET WEIDERHËLLEFEN.



OCH OP DER GARE ASS
ENG LEITLINN UM BUEDEM,
DÉI EE FILLE KANN.



WÉIVILL
AUER ASS ET ?



D'PEGGY HUET ENG AUER DÉI SCHWÄTZT.



ET ASS
7 AUER 15.







D'PEGGY SPILLT EE SPILL UM TELEFON. DEN TELEFON KA SCHWÄTZEN.



AM BÜRO. D'PEGGY SCHAFFT ALS SEKRETÄRIN.



DE PATCH HUET ELO PAUS.



DE COMPUTER LIEST VIR, WAT UM BILDSCHIERM ASS.



KËNNT DIR MER DE BRÉIF SCANNEN AN OFSPÄICHEREN?



DE SCANNER ERKENNT DEN TEXT VUM BRÉIF.



**TIPP
TIPP**

DE BRÉIF GOUF GESPÄICHERT AN ASS ELO UM COMPUTER.



D'PEGGY LIEST DE BRÉIF A BLANNESCHRÉFT MAT DER HËLLEF VUN ENGER BRAILLEZEIL.



BZZZZZZ



AN DER ZÄIT WOU D'PEGGY SCHAFFT, RASCHT DE PATCH.



KËNNT DIR DEN TEXT VUM DIKTAPHON OFTIPPEN?



JO, NATIERLECH.



D'PEGGY WËLL EE
CLASSEUR
BESCHREFFEN.



DAT MËCHT HATT MAT ENGER
DYMOMBANDZAANG, DÉI
BLANNESCHREFFT DRËCKT.






SOU KANN HATT DE CLASSEUR
ZERËCKFANNEN.




DE LIFT HUET GROUSS ZIFFEREN, DÉI EE FILLE KANN.









D'LOTTI ASS DEM PEGGY SENG FRËNDIN.
HATT ASS SEHBEHËNNERT A GESÄIT
NACH E BËSSÉ.



D'LOTTI BENOTZT EE
LANGE WÄISSE BENDEL.



**TACK
TACK**

ET STEET EPPES AM WEE.



MAM BENDEL TAASCHT D'LOTTI,
WOU DE BORD VUM TRËTTOIR
ASS.



**TACK
TACK**



**TOCK
TOCK**

HEI HÄLT DEN ZEBRASTRÄIFEN OP.



ASS DAT
D'PEGGY ?



PEGGY,
BASS DU ET ?

LOTTI ?



SOLLE
MIR ENG TAASS
KAFFI DRÉNKE
GOEN ?



HEI ASS ET
FLOTT. HEI
BLEIWE MIR.



ESOUGUER DE PATCH
KRITT WAASSER.



ET ASS FEIEROWEND AN
D'PEGGY FIERT HEEM.





EE CHANTIER

DE PATCH BLEIFT
STOEN. ASS DE WEE
VERSPAERT ?

ECH
MUSS EEN
ANERE WEE
FANNEN.




ESOU
KOMME MIR
LAANSCHT.

NO LÉNKS!



GUTT
GEMAACH.
WEIDER ESOU.

DAT ASS
AWER EE SCHÉINE
MUPP.



ENG ONGEWOLLT STÉIERUNG.



DU BASS
EE BRAVE
MUPP.



ECH
KANN ESOU NET
SCHAFFEN.



!!!

DIR STÉIERT DE
MUPP BEI SENER
AARBECHT.



ENTSCHÉLLEGT, DAT
WOUSST ECH NET.



ET LÉIERT EEN
ÈMMER BÄI.



GESCHWÉ
SI MIR
DOHEEM.



SICH
D'DIR!







DEM PATCH SÄI FELL MUSS
GRÄNDLECH GEKÄMMT GINN.




ESOU
LËISST SECH
D'LIEWEN
AUSHALEN.



WËLLS
DU EE FILM
MAT MIR
KUCKEN ?



DE FILM HUET BILDBESCHREIWUNGEN
FIR BLANN LEIT.



DE FUUSS
STEET ROUEG DO
A KUCKT OP
D'MEEDCHEN.



D'PEGGY LAUSCHTERT DE FILM.



ELO
MUSSE MIR
D'WÄSCH
MAACHEN.



DU
DÄERFS NET AN
D'SCHLOFKUMMER.




D'PEGGY SORTÉIERT D'WÄSCH MAT
ENGEM STÉFT, DEEN D'FAARWEN
ERKENNT.




ROUT -
BORDEAUXROUT





WÄISS




BLO -
HELLBLO



D'MARKÉIERUNGSPUNKTEN HÉLLEFEN
DEM PEGGY, DÉI RICHTEG TEMPERATUR
ERAUSZESICHEN.





Iwwert dëse Comic

Dëse Comic gouf fir den 10. Jubiläum vun der Vereenegung "Chiens Guides d'Aveugles au Luxembourg"erausginn.

D'Vereenegung "Chiens Guides d'Aveugles au Luxembourg" ass d'Kontaktadress fir all Froe betreffend de Blanneféierhond zu Lëtzebuerg.

"Dëse Comic ass een Deel vun eiser Bestriewung, d'Jugend fir d'Problemer vu blannen a sehbehënnerte Leit an eiser Gesellschaft ze sensibiliséieren. Mir wëllen domat fir Verständnes an Toleranz fir Behënnerter werben.

Dëse Comic gëtt gratis a gedréckter Form op Lëtzebuergesch verdeelt. De Comic kann an anere Sproochen, z.B. Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch, op eiser Site www.chienguide.org erofgeluede ginn.

Mir encouragéiere jiddereen, de Comic souwäit wéi méiglech weider ze verdeelen. De Comic däerf an digitaler a gedréckter Form gratis kopéiert a weider verdeelt ginn.

Mir wënschen alle klengen a grouse Lieser vun dësem Comic vill Spaass a mir hoffen, datt Dir eppes Interessantes gewuer gitt."

De Comité vun "Chiens Guides d'Aveugles au Luxembourg"
am Dezember 2011

Chiens Guides d'Aveugles au Luxembourg asbl

b.p. 2420

L-1024 Luxembourg

<http://www.chienguide.org>



CREATIVE COMMON LICENSES - CC BY-NC-ND 3.0

ALL D'RECHTER VUN DËSEM DOKUMENT LEIE BEI

JOSIANE ROMMES A MATTHIAS SCHMITT, LUXEMBURG, 2011



DËST DOKUMENT DÄERF KOPÉIERT A WEIDER VERDEELT GINN.

DOBÄI DÄERF AWER NÄISCHT VERÄNNERT GINN.

D'NIMM VUN DEN AUTOREN DÄERFEN NET EWECHGEHOLL GINN.

EE KOMMERZIELLE GEBRAUCH ASS STRENG VERBUEDEN.